# SLP.LU
Société Luxembourgeoise de Psychologie asbl

# NEWSLETTER

Nummer 2
Dezember 2019

## Mir heesche Wëllkomm!

Säit der leschter Newsletter bis Ufanks November si folgend Psychologen aktiven Member bei der SLP ginn:

BIVER Cynthia
BÜTGENBACH Sally
DUSCHINGER Jyll
FEINEN Joanne
FIGUEIREDO DIAS Miguel
FROMME Nadine
KANCZUGA Monika
KREBS Kirsten
LESCURE Patricia
LOPES Sabrina
MAES Elise
MARTIN Laure
MULLER Frank
MURRAY Fuyumi
NOLET Laureline
PASCOLINI Stina
POTTIER Charlène
SOSEF Mendel
WELTER Myriam
WITTBRODT Joanna
ZAIMOVIC Naida

DOWLING Lucy (membre associé)

De Conseil vun der SLP heescht **si häerzlech Wëllkomm** !

## News aus dem CA

**Merci Arijeta**! Eis laangjäreg free-lance Sekretärin d'Arijeta Bekiri huet decidéiert méi lues ze trëppelen an huet vu senge Funktiounen demissionéiert. Mir soen dem Arijeta e ganz grousse Merci fir déi Aarbecht déi hat geléscht huet.

D'Martine Hoffmann an d'Gaby Meyer hunn sech an de CA gemellt. **Häerzlech Wëllkomm am Conseil!** Op eiser nächster AG kënnen si dann offiziell kooptéiert ginn.

Contenu

Mir heesche Wëllkomm 1
News aus dem CA
An Erënnerung un d'Corinne 2
News vun der FAPSYLUX
"SLP Award" 3
Rappel Profil ausfëllen 4
Eis Vertrieder an den EFPA Boards
Alles Guddes fir 2020! 5

## An Erënnerung un d'Corinne

D'Noriicht vum Corinne Finkelstein sengem Doud den 3.August 2019 konnte mer just mat Entsetzen ophuelen.

D'Corinne ass am Alter vun nëmmen 59 Joer vill ze fréi vun eis gaangen, nodeems mir eis am Fréijoer, zesumme mat him, richteg gefreet haten, dass hatt de Kampf géint seng Krankheet gewonnen hätt. Awer et sollt net sinn!



D'Corinne Finkelstein war Psychotherapeutin a vun Ufank u Member vun der CCD, der Commission Consultative de Déontologie vun der SLP (2006-2018).

D'Kollegen aus der CCD hate mam Corinne en enorm grueden, wäertvolle Member. Seng Frëndschaft, seng déifgräifend Iwwerleeungen, säi kritesche Geescht, seng Fäegkeet de Fanger op de wonne Punkt ze leeën a säi Laache waren onschätzbar Eegeschaften. Mir haten hatt richteg gären.

Merci Corinne fir alles, mir behalen dech a ganz gudder Erënnerung!

D'CCD & den CA vun der SLP

## News vun der FAPSYLUX

FAPSYLUX
Fédération des Associations représentant des Psychothérapeutes au Grand-Duché de Luxembourg - Association sans but lucratif

**Pour rappel:** Den 24. Juli 2015 ass d'Gesetz iwwer d'Psychotherapie gestëmmt ginn.

Ufanks Januar 2018 hun d'Negociatiounen tescht der FAPSYLUX an der CNS ugefong fir eng Konventioun, eng Nomenclature an Tariffer auszeschaffen. Well d'Verhandlungen no 6 Méint op keen Accord komm wären, ass et dunn nom Summer 2018 zur Mediatiounsprozedur komm.

Enn 2018 sin déi Mediatiounsverhandlungen och gescheitert.

**Wou ass den Dossier aktuell drun?**

All SLP Member gouf virun enger gudder Woch iwwer den aktuelle Stand informéiert an krutt den Projet de loi zougeschéckt.

De CA vun der SLP an eis Vertriederinne bei der d'FAPSYLUX hoffen trotz allem Hin an Hier dass 2020 dat Joer ass, wou zu Lëtzebuerg endlech Psychotherapie fir d'Patiente remboursséiert wäert ginn!

**Info betreffend Psychotherapeuten am Collège Médical**

D'FAPSYLUX bedauert, dass keen Psychotherapeut sech gemellt huet fir d'psychologesch an net-ärtzlech Psychotherapeuten am Collège Médical ze vertrieden.

Dat ass schued, wëll eise Bäitrag do immens wichteg ka sinn an eis Perspektiv lo do net ka vertruede ginn.

Mir soen natierlech eisen ärtzleche Kolleegen-Psychotherapeute Merci, dass si dës Aarbecht lo fir eis matmaachen.

**Changementer am Conseil Scientifique**

D'Vera HEITZ huet aus perséinleche Grënn seng Aarbecht am Conseil Scientifique opgehal, wou hatt d'Psychotherapeuten zesumme mam Vincent NAVET vertrueden huet. D'FAPSYLUX seet dem Vera HEITZ villmools MERCI !!! fir säin onermiddlechen Asaz a säin Engagement.

Den Délais fir en Ersatz fir d'Vera ze sichen ass den 9. Dezember 2019 ofgelaaf. Mir soen dene Läit Merci, déi hir Kandidatur gestallt hunn.

## "SLP Award"
## Auszeichnung für die beste Abschlussarbeit im Master of Science in Psychology: Psychological Intervention (MPI) der Universität Luxemburg

Zur Förderung des wissenschaftlichen Nachwuchses und zur Anerkennung hervorragender Leistungen, wird die SLP ab 2020 den „SLP Award" verleihen. Ziel dieses Förderpreises ist es, herausragende sowie qualitativ hochwertige Masterarbeiten der Universität Luxemburg aus dem breiten Spektrum der Disziplin Psychologie auszuzeichnen.

Die Leitung des MPI fördert die Bewerbung von Personen, die ihre Masterarbeit eingereicht haben. Die Nominierungen müssen dann einen Lebenslauf und mindestens ein Empfehlungsschreiben vorlegen. Selbstnominierungen sind zulässig. Die Nominierten müssen Studierende des MPI sein. Das Gremium zur Vergabe des Förderpreises setzt sich zusammen aus MPI-Thesis-Supervisoren und Vertretern des SLP-Vorstands.

Mit der Einreichung der Abschlussarbeit stimmt der/die erfolgreiche Bewerber/Bewerberin zu, dass der Förderpreis über geeignete Medien, z.B. Pressemittleilungen, Webseite der SLP veröffentlicht und die Masterarbeit den SLP-Mitgliedern zugänglich gemacht wird. Die Anerkennung der eigenen Leistung durch ein breiteres Publikum kann sowohl die wissenschaftliche Karriere befeuern als auch ein beruflicher Türöffner sein. Zudem ist der „SLP Award" mit 300 Euro dotiert, was eine Bewerbung besonders attraktiv macht.

Der/die Gewinner/Gewinnerin der jährlichen Auszeichnung wird im Dezember des Jahres in Anwesenheit der SLP bei der Aushändigung des Masterdiploms der Universität Luxemburg bekannt gegeben.

## Rappel SLP Websäit & Annuaire Profil ausfëllen

Eise Site schéngt net nëmme vun externe „Cliente" op der Sich no klinesche Psychologen & Psychotherapeuten gebraucht ze ginn, mee och emmer méi tëscht Psychologen op der Sich no professionellem Austausch (eng Zort interprofessionellen „Who is Who").

An dem Sënn, nach eng Kéier ee waarmen Opruff un all eis Memberen, am SLP Annuaire des Psychologues et Psychothérapeutes w.e.g. hiren Profil auszefëllen, respektiv besonnesch d´Kategorien **Aarbechtsmethod an Aarbechtsfeld / Iwwert mech & Bio an méi Info** grëndlech upzedaten.

Dat erspuert eis am Comité Aarbecht, well esou manner Ufroe vu Memberen an Netmemberen erakommen, déi sech op der Sich no spezifeschen Informatiounen direkt un eis wenden.

Opgrond vun der Méisproochegkeet hei am Land, denkt och drun dat äre Profil an eisem Annuaire méisproocheg ausgefëllt ka ginn.

**Fir déi klinesch Psychologen an Psychotherapeuten, notéiert w.e.g am Feld Aarbechtsmethod ob an wéi Consultatioune méiglech sinn, z.B. exklusiv iwwer eng Institutioun.**

Iwwregends: Säit November besichen ronn **3000 (!) Visiteure pro Mount eisen Site**

## Eis Vertrieder an den EFPA Boards

Folgend SLP Memberen sin fir déi naechst 2 Joer eis Vertrieder bei der EFPA:

**EFPA SC on Crisis, Disaster and Trauma Psychology :** Marc Stein

**EFPA Board on Cultural & Ethnic Diversity :** Dr Isabelle ALBERT / Elke Murdock

**EFPA SC on Psychology in Education :** Claire RUSSON / Cynthia Liebgott

**EFPA Project Group on eHealth :** Glauco Trebbi

**EFPA Board on Ethics :** Max GREISEN

**EFPA SC on Geropsychology:** Dr Isabelle ALBERT

**EFPA SC on Clinical Neuropsychology :** Romaine BIRDEN

**Préavis :** De Bureau vun der SLP ass vum **20.12.2019 bis 6.01.2020** zou.



Photo by Ben White on Unsplash

**Den CA wënscht Iech erhuelsam an glécklech Feierdeeg an dass sech är Wënsch fir 2020 realiséieren !**